

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Bei Restopolis ass ee gudden Deel vun de Leit, déi schaffen, net direkt agestellt, mee iwwert Privatfirmen. Dës extern Mataarbechter suergen dofri, dass de Betrieb leeft.

Ech krut d'Informatioun, datt Mataarbechter aus verschiddene vun dësen externe Betriber während de Summerméint zäitweis iwwer méi Méint kee Salaire ausbezueelt kruten.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Hu Restopolis an de Ministère Kenntnis iwwer Fäll, bei deenen d'Personal vun dësen externe Betriber kee Salaire ausbezueelt krut?
Falls jo, gëtt dat esou akzeptéiert oder huet Restopolis sech hei agesat, fir dass d'Leit hire Salaire kréien?
2. Wéi eng Konsequenzen huet et fir en externe Betrib, wann dësen de Mataarbechter, déi bei Restopolis agesat ginn, hire Salaire net ausbezillt an dierf esou e Betrib weiderhi fir Restopolis schaffen?

Mat déiwem Respekt,





GOERGEN Marc
Deputéierten